



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le **17 MARS 2021**

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU

Par Alff Christian , 09:33, 17/03/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°3543 du 29 janvier 2021 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant le nouvel immeuble pour le Corps grand-ducal d'incendie et de secours et la Police grand-ducale d'Esch-sur-Alzette, Mondercange et Schifflange, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten, a vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlementaresch Fro N°3543 vum 29. Januar 2021 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen iwwert "Nouvel immeuble pour le Corps grand-ducal d'incendie et de secours et la Police grand-ducale d'Esch-sur-Alzette, Mondercange et Schifflange"

1. Fro :

Firwat gouf d'Decisioun geholl, de Parking Aloyse Meyer fir d'Tramsstreck ze notzen? War dës Decisioun mat de lokale Vertrieeder an de Kommissariater von Esch, Schéffleng a Monnerech ofgespräch? Goufen si consultéiert? Wéini gouf dës Decisioun getraff?

Déi zukünfteg Tramsstreck leeft iwwer en Eck vum Terrain, op deem aktuell de Parking Aloyse Meyer ass, a fiert dobäi iwwer eng Haaptachs, déi am aktuelle Masterplang fir de Site Esch-Schéffleng dëse soll un de Quartier Lalleng ubannen. Vun de knapp 2ha vum Parking sinn duerch dës Achs nämmen 0,3ha betraff, sou datt et ouni Problem méiglech bleift, den Terrain ze bebauen.

2. Fro :

Wann d'Tramsstreck elo wéi vum Minister ugekënnegt duerch de Parking Aloyse Meyer gebaut gëtt, wouhi gëtt dann dat geplangte Police- a Rettungsdénscht-Gebai verluecht?

Well sech op dem Site vum Parking Aloyse Meyer déi zwou Funktiounen net optimal énnerbréngt loosse, zemol wann een eng gewësse Flexibilitéit fir d'Zukunft wëll halen, gouf gekuckt, fir ee vun de Servicer op engem anere Site énnerzebréngen. Sou ass et lo virgesinn, datt d'Police-Gebai soll op e Site beim Rond-point Raemerech kommen, deen duerch d'Ëmleede vun der Autobunn fräi gëtt.

3. Fro :

Wann een néie Standuert fir dëst Gebai muss gesicht ginn, schéngt den Zäitplang vun 2023/2024 net méi realistesch. D'Gebai war awer schonn 2018 als néideg ugesi ginn.

Wou sollen déi betraffe Police a Rettungseenheete bis zum Bau vun engem néie Gebai énnerbruecht ginn?

A wéi engem Zoustand befannen sech déi momentan genotzte Gebailechkeeten? Entspriechen ze nach den haitegen Ufuerderungen?

Kann de Minister garantéieren, dass d'Policebeamten an engem gudde Kader hier Aarbecht am aktuelle Kommissariat kënnen duerchféieren?

Den Zäitplang gëtt net negativ beaflosst. Well den Terrain, wou d'Policekasär elo zu Raemerech hikënnt, am PAG vun der Gemeng Esch richteg klasséiert ass, kann et souguer sinn, dass Zäit gewonne gëtt.

D'Etüden um Site beim Rond-point Raemerech fänken elo un, an d'Police a Rettungseenheete bleiwe soulang an hiren aktuelle Gebaier, bis déi jeeweileg nei Gebaier fäerdeg sinn.

Dat Escher Kommissariat um Boulevard J.F. Kennedy, dat och zukünfteg wäert bestoe bleiwen, gëtt momentan renovéiert, fir et der heiteger Aarbechtsweis vun der Police unzepassen. D'Kommissariater vu Monnerech a Schéffleng gehéieren net zum Projet fir en neit Police-Gebai zu Esch.